CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le :
02 JUIN 2017
3052

CSV
FRAKTIOUN

Här Mars di Bartolomeo
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 2. Juni 2017

Här President,

Esou eréi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit biede mir Iech dës parlamentaresch Fro iwwert déi aktuell Lag an der Landwirtschaft un den Här Landwirtschaftsminister weiderzeginn.

Déi nidderschlagsaarm Wanterméint, de spéiden Frascht am Fréijoer an déi aktuell Dréchent an Hetzt sinn a wäerten sécherlech net ouni Spueren an der Landwirtschaft bleiwen. Ënnert anerem den aktuellen Zoustand vun de Weeden an der Fruucht gëtt ze bedenken.

An deem Kader, wollt ech dem Här Landwirtschaftsminister folgend Froe stellen :

- Wei gesäit den Här Minister den aktuelle Zoustand vun der Landwirtschaft no de Wierderkapriolen vun de läschte Méint ?

- Huet de Minister wëlles, konkret Mesuren virzeschloen fir de Baueren an dëse schwieregen Zäiten ënnert d'Aarm ze gräifen ?

- Wann jo – wéi kennen dës Hëllefen ausgesinn ?

Här President, ech bieden Iech mäin déifste Respekt unzehuelen.

Ali Kaes
Députéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture,
de la Viticulture et de la
Protection des consommateurs

Réponse de Monsieur le Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et de la Protection des consommateurs à la question parlementaire no 3052 de l'honorable Député Monsieur Ali Kaes

Wei gesäit den Här Minister den aktuellen Zoustand vun der Landwirtschaft no den Wiederkapriolen vun de läschte Méint?

Huet de Minister wëlles, konkret Mesuren virzeschloen fir de Baueren an dëse schwieregen Zäiten ënnert d'Aarm ze gräifen?

Wann jo - wéi kënnen dës Hëllefen ausgesinn?

D'Situatioun ass ganz kritesch am Moment, woubei d'Dréchent virun allem op der Fudderproduktioun um Gringland e schwéieren Impakt hat an de Frascht am Wäin- an Uebstbau stark Schied un de Kulturen hannerlos huet. Trotzdeem ass et am Moment ze fréi fir definitiv Conclusiounen ze zéien wat de Stand vun de landwirtschaftlechen Kulturen betrëfft. E seriöen Bilan kann nëmmen um Enn vum Kulturjoer gemach ginn, a je nodeem wéi dëse Bilan ausfällt, mussen dann déi Ënnerstëtzungsmoossnamen ergraff ginn di justifiéiert sinn. Duerfir suivéieren den Landwirtschaftsministère a seng Verwaltungen , an enker Concertatioun mam Beruff, d'Entwécklung vun de Wiederbedingungen an de Stand vun allen landwirtschaftlechen, gaardenbaulechen Kulturen an och de Wäibau bis hin zu de Récolte fir e geneet Bild ze hunn an d'Situatioun richteg ze évaluéieren. D'Regierung waërt dann déi néideg Mesuren huelen fir dem landwiertschaftlechen Secteur ze hëllefen.